adr

*ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI*

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
06 DEC. 2019
1581

Lëtzebuerg, den 06. Dezember 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Energie an un d'Madamm Minister fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

Den Här Minister Turmes huet den 3. Dezember 2019 an der Chamber gesot, wann ech hie richteg verstanen hunn, datt Lëtzebuerg fir déi néideg Energie fir Google kënnen, a klimapolitesch vertrietbarer Form ze liwweren, géint Bezuelung, statistesch Transferten aus dem Ausland virhuele géing („fir déi national Bilanz zoukafen"). Google selwer géing um Site ronn 5 MW Solarenergie produzéiere plus, ënnert der Konditioun datt adequat Sitte fonnt géifen, och Wandenergie. Gebraucht géifen am Ganze ronn 200 MW, dëst awer eréischt wann déi zwou Ausbaustufe vum Datenzentrum fäerdeg wären. Google géing awer Verträg fir erneierbar Energie ze produzéieren am Ausland ofschléissen, an zwar an der Belsch.

Wat d'Uelzecht ugeet, esou sot den Här Minister, datt jee no Betriebstemperatur vum Datazentrum vläicht héchstens misst e puer Deeg am Joer gekillt ginn. Dat wäre jo awer da warscheinlech déi besonnesch waarm Deeg, wou, statistesch gesinn, de Waasserstand vun der Uelzecht souwisou schonn niddreg ass. Ausserdeem misst dann an esou Wiederkonditiounen, an deene mam Drénkwaasser wéinst der Hëtzt fir gewéinlech méi virsiichteg ëmgaange gëtt, wuel op d'SEBES zréckgegraff ginn.

An deem Zesummenhank wollt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi héich wär de Käschtepunkt fir de Staatsbudget fir statistesch Transferten aus dem Ausland ze maachen déi de Géigewäert fir eis national Klimabilanz vun der Consommatioun vu Google duerstellen, déi Google net ka selwer mat erneierbaren Energien ofdecken?
2. Wa Google an Eegeregie Solar- a Wandenergie produzéiert, géingen déi an en Netz agespeist ginn, respektiv géing Google fir déi Energie an iergend enger Form bezuelt ginn (z.B. iwwer Subventioune fir erneierbar Energien)? Wéi vill géing dat ausmaachen?

3. Kéint Google bei engem niddrege Waasserstand vun der Uelzecht an allgemenger Drénkwaasserknappheet gezwonge ginn fir d'Betriebsmodalitéite vum Datazentrum technesch esou unzepassen, datt manner Killwaasser verbraucht gëtt? Wär et méiglech bei Waasserknappheet de Betrib eventuell fir eng gewëssen Zäit ganz ze stoppen?
4. Ass geplangt, datt Google eng Waasserreserv fir Killzwecker uleet?
5. Wéi en Effet huet d'Killung vum Google-Datazentrum op d'Temperatur vun der Uelzecht? Wéi vill Killwaasser gëtt nees an de Floss zréckgeféiert? Wéi eng maximal Temperatursteigerung géing d'Uelzecht verdroen ouni negativ Auswierkungen op d'Natur? Wou gëtt déi Temperatur zu Biissen gemooss (am Flosslaf virun an hannert dem Datenzentrum?) a wat geschitt am Summer bei souwisou scho méi héije Waassertemperaturen? Wéi eng maximal Temperaturwäerter gëlle fir d'Uelzecht?
6. Den Här Minister huet vu Beispiller am Ausland geschwat wou d'Ofwäermt vun engem Datazentrum fir d'Hëtze vun Haiser gebraucht gëtt. Hien huet vun 20.000 Haiser zu Helsinki geschwat. Do gëtt et zu Hamina, net wäit vun Helsinki, e Google Datenzenter dee mat Mierwaasser gekillt gëtt. Kann hien do seng genee Sourcen iwwer en Heizungsprojet uginn? Wéi a wou wär esou eng Iddi eventuell hei zu Lëtzebuerg ze realiséieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Luxembourg, le 22/01/2020

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
27 JAN. 2020

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°1581

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°1581 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Le Ministre de l'Energie,

Claude Turmes

**Gemeinsam Äntwert vum Energieminister an vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°1581 vum 6. Dezember 2019 vun dem honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

1. ***Wéi héich wär de Käschtepunkt fir de Staatsbudget fir statistesch Transferten aus dem Ausland ze maachen déi de Géigewäert fir eis national Klimabilanz vun der Consommatioun vu Google duerstellen, déi Google net ka selwer mat erneierbaren Energien ofdecken?***

   Well et nach keen definitive Projet gëtt an nach net gewosst ass, mat wéi enger Temperatur den Datenzenter bedriwwen gëtt, wéi eng Technik agesaat gëtt a wéivill erneierbar Energien kennen op der Plaz produzeiert ginn, kann een zu dësem Zäitpunkt heiriwwer näischt Konkretes soen.

2. ***Wa Google an Eegeregie Solar- a Wandenergie produzéiert, géingen déi an en Netz agespeist ginn, respektiv géing Google fir déi Energie an iergend enger Form bezuelt ginn (z.B. iwwer Subventioune fir erneierbar Energien)? Wéi vill géing dat ausmaachen?***

   Am Projet de loi N° 7266, deen am Moment um Instanzewee ass an deen d'Gesetz vun 2007 iwwert de Stroummarché modifizéiert, wäerte verschidden Dispositiounen d'Méiglechkeet zum Eegeverbrauch vu Stroum präziséieren a promouvéieren, och am Sënn vun der neier Erneierbaren-Directive 2018/2001/CE.

   Wa Google an e puer Joer sollt selwer Stroum duerch Sonnen- oder Wandenergie produzéieren, kënne si Eegeverbrauch maachen zu de Bedingungen wéi se da virgesi sinn, an déi fir jiddereen d'selwecht sinn. Dat gëllt och fir eng méiglech Aspeisung vun der (Iwwerschoss)-Produktioun an d'Netz: zu de Fërderbedingungen wéi se da virgesi sinn.

3. ***Kéint Google bei engem niddrege Waasserstand vun der Uelzecht an allgemenger Drénkwaasserknappheet gezwonge ginn fir d'Betriebsmodalitéite vum Datazentrum technesch esou unzepassen, datt manner Killwaasser verbraucht gëtt? Wär et méiglech bei Waasserknappheet de Betrib eventuell fir eng gewëssen Zäit ganz ze stoppen?***

   D' Modalitéiten vun der Exploitatioun déi d'Waassergestioun betreffen, ginn iwwert eng Autorisatioun no Artikel 23 vum Waassergesetz gereegelt. Hei wäert, wéi bei aneren Prélèvementsautorisatiounen, eng Konditioun drastoen déi beseet, datt d'Ministesch kann all Prélèvementer aus de Gewässer am Fall vu Niddregwaasser zäitweis verbidden. Dësen zäitlechen Verbuet soll den ökologeschen Mindestoffloss garantéieren fir datt d'Gewässer seng ökologesch Funktiounen erfëllen kann, besonnesch den Liewensraum fir Fësch an aner Liewewiesen erméiglechen.

4. ***Ass geplangt, datt Google eng Waasserreserv fir Killzwecker uleet?***

   De geneeën Plang wéi d'Waassergestioun vum Site soll gereegelt ginn ass nach net bekannt.

5. ***Wéi en Effet huet d'Killung vum Google-Datazentrum op d'Temperatur vun der Uelzecht? Wéi vill Killwaasser gëtt nees an de Floss zréckgeféiert? Wéi eng maximal Temperatursteigerung géing d'Uelzecht verdroen ouni negativ Auswierkungen op d'Natur? Wou gëtt déi Temperatur zu Biissen gemooss (am Flosslaf virun an hannert dem Datenzentrum?) a wat geschitt am Summer bei souwisou scho méi héije Waassertemperaturen? Wéi eng maximal Temperaturwäerter gëlle fir d'Uelzecht?***

Een Aleeden vu Killwaasser kann eng Erhéijung vun der Temperatur vum Uelzechtwaasser mat sech bréngen. D'Gréisstenuerdnung vun der Erhéijung wéi och hiren Impakt mussen an der Emweltimpaktstudie ënnersicht ginn. Dobäi dierfen déi gesetzlech festgeluechten Temperaturlimiten zu kengem Moment iwwerschratt ginn. Den Impakt vun der Temperatur gëtt berechent an deem een d'Auslaftemperatur verglach mat der Temperatur aus der Uelzecht héichrechent.

De Maximalwäert fir d'Waassertemperatur ass an dëser Fëschregioun (Gewässertyp V - Epipotamal) 25°C (gudden Zoustand) vun Abrëll bis November. An de Wanterméint tëschent Dezember a Mäerz läit de Maximalwäert bei 10 Grad Celsius. Et dierf zudeem keng Erhéijung vun der Waassertemperatur virun an no enger Aleedung iwwer 3 Grad Celsius stattfannen. Dës Konditiounen sinn am groussherzoglechen Reglement vum 15. Januar 2016 festgehalen.

6. ***Den Här Minister huet vu Beispiller am Ausland geschwat wou d'Ofwäermt vun engem Datazentrum fir d'Hëtze vun Haiser gebraucht gëtt. Hien huet vun 20.000 Haiser zu Helsinki geschwat. Do gëtt et zu Hamina, net wäit vun Helsinki, e Google Datenzenter dee mat Mierwaasser gekillt gëtt. Kann hien do seng genee Sourcen iwwer en Heizungsprojet uginn? Wéi a wou wär esou eng Iddi eventuell hei zu Lëtzebuerg ze realiséieren?***

An deem vu mir an der Chamber genannte Beispill ass et ëm een "*vun den neiesten Datenzentren an Europa*" gaang dee viru kuerzem zu Helsinki a Betrib geholl ginn ass.

Deen Datenzenter ass am Summer 2018 fäerdeg gestallt an a Betrib geholl ginn. Deen Datenzenter huet d'Méiglechkeet, bei Volllascht, bis zu 30 MW Ofwäermt an ee bestehenden Hëtztréseau anzespeisen. Mat däer Quantitéit un Hëtzt kann ee bis zu 25.000 Stéit beliwweren.

D'Regierung wäert de bestoende reglementaresche Kader notzen, fir datt beim Datenzenter déi bescht verfügbar Technik agesaat gëtt.